LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 28 NOV. 2019

Réf. : 82fx373b7

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 NOV. 2019

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 1398 du 28 octobre 2019 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 1398 du 28 octobre 2019 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet de l'innondation dans un dépôt des Archives nationales, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP no 1398

139-000050-20090730-FR

Äntwert vun der Kulturministesch, Sam Tanson, op déi parlamentaresch Fro n° 1398 vum 28. October 2019 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser iwwert d'Iwwerschwemmung an engem Depot vun de Nationalarchiven

D'Ursaach vun der Iwwerschwemmung am Depot Saint Esprit vun de Nationalarchive vum 25. Juli 2019 ass op eng technesch Pann zréckzeféieren. D'Cogénératiounszentral vun der Cité judiciaire gëtt vun engem Sous-Traitant vun der Stad Lëtzebuerg, déi Locataire ass, exploitéiert. Wärend der Hëtztperiod, de 25. Juli 2019, huet den Exploitant vun dëser Cogénératiounszentral Spëtzte gefuer fir zousätzlech Energie ze produzéieren. D'Killwaasser dat heifir gebraucht gouf, ronn 80m^3, gouf ofgelooss. Duerch en Defekt vum Ventil vum Ölabscheider konnt et net, wéi virgesinn, evakuéiert ginn. Well den Depot vum Nationalarchiv just provisoresch am Parkhaus ass, sinn och d'Kanalleitunge matenee verbonnen, sou datt d'Killwaasser iwwert dëse Wee an den Depot vum Nationalarchiv eropgedréckt huet.

De Magasinier vum Nationalarchiv huet de Schued um 12:10 Auer bemierkt an direkt sengem Responsabelen ugeruff, deen um 12:15 Auer op der Plaz war. Dee Moment sinn déi éischt Mesure lancéiert ginn, déi et schlussendlech och erlaabt hunn, de Schued ze limitéieren.

Opgrond vun dësem Tëschefall goufen all d'Leitunge kontrolléiert a fräigemaach. Och den defekte Flotteur vum Ventil fir op den Ölabscheider gouf reparéiert. Am Depot Saint Esprit si ronn 10 lafend km Dokumenter stockéiert déi net kënne kuerzfristeg ëmgelagert ginn. En attendant sinn déi néideg Mesurë geholl ginn, vir esou Tëschefäll an Zunkunft z'evitéieren. Dësweidere sinn déi Responsabel vum Nationalarchiv am Gaangen den Depot ëmzeorganiséieren, sou datt déi ënnescht Tablette méi héich iwwert dem Bueden installéiert ginn.

Insgesamt si ronn 750 lafend m vun dësem Incident betraff, woubäi ënnerstrach gi muss, datt net all d'Dokumenter d'nämmlecht betraff waren. Déi séier an organiséiert Interventioun vun de Mataarbechter aus dem Nationalarchiv, ënnerstëtzt duerch de CGDIS an d'Equipe vum MNHA, huet dozou bäigedroen, datt de Schued net méi héich ausgefall ass.

Déi betraffen Dokumenter goufen, wéi et am Fall vun esou enger Noutsituatioun virgesinn ass, bei -23°C déifgefruer. Dës Mesure ass erfuerderlech, fir eng Schimmelbildung z'evitéieren. Déi déifgefrueren Dokumenter kënne gefriergetrocknet (Lyophilisation) ginn, duerno mussen déi betraffen Dokumenter, ofhängeg vum Grad vun der Verschmotzung, gebotzt an nei agepaakt ginn. Nom Ofschloss vun dësen zäit- an käschtenintensiven Aarbechte kënnen d'Dokumenter erëm ganz normal an d'Consultatioun goen. Aktuell sinn d'Mataarbechter vum Nationalarchiv am Gaangen déi Restauréierungsaarbechten ze plangen an hunn och scho Kontakt mat spezialiséierte Firmen aus dem Ausland opgeholl.

Trotz dësen Efforten hunn 140 ml Zeitungen, an 190 ml aus den Archive vun der Police Grand-Ducale mussen zerstéiert ginn. Béi den zerstéierten Zeitungen huet et sech em Exemplaire gehandelt, déi och nach an der BNL konservéiert ginn, resp. mëttlerweil am Kader vum Projet eluxemburgensia numeriséiert goufen. Duerch dës Mesure konnt och evitéiert ginn, dass et zu enger Kontaminatioun vum ganzen Depot komm ass. Bei den Dokumenter vun der Police, huet et sech em eng net accessibel Backup-Copy gehandelt. Aus dësem Grond, a well de finanziellen Opwand fir dës Liassen ze restauréieren onverhältnesméisseg gewiescht wier, gouf zesumme mat de Responsabelen d'Decisioun geholl dës Liassen ze schredderen.

Dësen Tëschefall verdäitlecht d'Noutwendegkeet vun engem neie Gebai fir d'Nationalarchive wat den haitege Normen a Besoinen entsprécht. En dementspriechende Gesetzesprojet as amgaange finaliséiert ze ginn.